

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Bis den 9. Mee konnten d'Bierger sech op hirer Gemeng fir e Referendum iwwert den drëtten Deel vun där geplangter neier Verfassung androen. Et verhält sech awer sou, datt den 8. Mee dëst Joer op Sonndes an den 9. Mee op e Feierdag gefall sinn. Deementspreechend konnten d'Bierger also nëmme bis de 7. Mee ënnerschreiwen, obwuel dovun auszegoen ass, datt et vill Bierger géif arrangéieren, dës Prozedur grad op engem fräien Dag wouerzehuelen.

An deem Sënn géif ech dem Här Staatsminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi eng Critère gëllen am Abléck fir d'Festleeë vum Delai vun der Aschreiwungsprozedur?
- 2) Ass d'Regierung der Meenung, datt bei enger Referendumsprozedur d'Gemengen och sollten op Sonndes oder op Feierdeeg eng Méiglechkeet virgesi fir sech kënnen anzedroen oder och, datt fir d'Festleeë vun den Delaie vun enger Referendumsprozedur d'Delaie sollten esou verlängert ginn, datt d'Zuel vun de Sonndeger a Feierdeeg consideréiert a kompenséiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten